Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

4.5.2019 Ginn Déi Lénk eis Méisproochegkeet op?

06 **May** *2019*

(comments: 0)

Ginn Déi Lénk eis Méisproochegkeet op?

De Räichtum vun eiser Natioun ass jo grad, dass mir niewent eiser Mammesprooch, déi mir esou déif am Häerzen droen, an déi sech iwwer Joerhonnerten an eiser Regioun entwéckelt huet, och nach Däitsch a Franséisch an och Englesch kennen!

Dat ka soss keen vun eisen Noperen.

Mir stellen awer fest, dass Déi Lénk elo dee Räichtum opginn wëllen, andeems si monolingual frankophon Kandidaten op d'Lëscht huelen, déi weder Lëtzebuergesch nach Däitsch kënnen.

Domat stellen si sech géint eis Méisproochegkeet an och géint Lëtzebuergesch.

Read more … 4.5.2019 Ginn Déi Lénk eis Méisproochegkeet op?

27.4.2019 wéinst der Immigratioun bis zu 324.000 zousätzlech Wunnengen kréien???

27 **Apr** *2019*

(comments: 0)

De Statec seet am Abrëll 2019, mir missten wéinst der Immigratioun bis zu 324.000 zousätzlech Wunnengen kréien. An de nächsten 40 Joer!
- Mir sollen mol kucken, dass déi Leit hei aus dem Land eng Wunneng kréien!

- De risege Problem mam onkontrolléierte Wuesstem, Bevëlkerungsexplosioun & Massenimmigratioun:

- Lëtzebuerg ass dat Land an Europa, dat am meeschte wiisst.
Dat féiert zu:
- extrem héijen Wunnengspräisser

- Verkéierskollaps & ëmmer méi Stau
- Zoubetonnéierung vun der Natur
- Manktem un Schoule, Klinniken, Infrastrukturen...
- Problemer mat Integratioun, Identitéit & Kultur

_____

ERKLÄRUNG:

Tëscht 1981 an 2018 ass d'Populatioun hei am Land ëm 65% an d'Luucht gaangen, vu knapps 365'000 op elo iwwer 602'000.

Den Ament wiist d'Bevëlkerung ëm bal 15.000 Leit pro Joer. Dat sinn 2,5 %, wat per Definitioun eng Bevëlkerungsexplosioun ass!

Tëscht 2013 an 2017, gouf et am Duerchschnëtt pro Joer 22.900 Immigranten an 12.390 Emigranten.

D'Zuel vun den Auslänner huet zënter 1961 eng Steigerung kannt vun 594.5%.

Wann et esou weider geet, wunnen am Joer 2030 bal 800.000 Awunner hei am Land. 2,5 % Wuesstem bedeiten, datt am Joer 2039, hei am Land 1 Millioun Leit wunnen, an am Joer 2050 dann 1.320.000 Leit.

Den onkontrolléierte Wuesstem bréngt riseg Problmer mat sech:

- Wunnengspräisser: D'Wunnenge ginn ëmmer méi deier! Pro Joer klëmmt de Präis ëm 5%, an dat obwuel ganz vill gebaut gëtt. Meeschtens souguer méi kleng an manner schéi wéi fréier! Mir kréie gesot, et wier keng Plaz méi do. Mee wa keng Plaz do ass, firwat kommen dann esou vill Leit heihi wunnen?

Bal 50.000 Lëtzebuerger wunnen hautesdags am Ausland. Iwwer 2.000 Lëtzebuerger verloossen all Joer d'Land an wanderen aus! Mat onkontrolléiertem Wuesstem wäerten d'Präisser, egal wéi, weider klammen.

- De Verkéierskollaps: Parallel zum Bevëlkerungswuesstem, ass d'Zuel vu motoriséierte Gefierer eropgaangen: vun 204.818 am Joer 1990 op 496.326 am Joer 2019. Pro Joer ginn et hei am Land 10.000 Autoe méi!

Dozou kommen nach d'Autoe vun de Frontalieren:

D'Zuel vu Frontalieren huet zougeholl vu 50.000 am Joer 1995 op 200.000 am Joer 2019.

Eleng tëscht 2015 an 2018 gouf et eng Zounahm vun 22.000 Frontalieren an 3 Joer!

D'Verkéierssituatioun wäert sech weider dramatesch verschlechteren. Weder den ëffentlechen Transport nach de Stroossebau kommen dem onkontrolléierte Wuesstem hannendrun.

Dobäi kënnt nach datt grad déi ländlech Gemenge vill méi séier wuessen.

- D'Zoubetonnéierung vun der Natur:

Vun 1990 an 2015 ass méi Terrain verbaut ginn, wéi an de ganzen 2000 Joer virdrun!

Am Joer 1990 waren 4,3% vun eisem Territoire verbaut. Am Joer 2015 sinn et 10% !!

Zu Lëtzebuerg ginn also pro Dag bal 2 Hektar Natur zerstéiert a verbaut!

80% vun de Fiichtgebitter sinn zerstéiert. Just nach 2% vun eisen Baachen hunn anstännegt Waasser!

D'Landwirtschaft verléiert ëmmer méi Terrainen, well se verbaut ginn oder wéinst Kompenséierungsmossnamen.

- Den Defizit am Staatsbudget: Trotz Wuesstem hu mer all Joer en Defizit an de Staat mécht all Joer Scholden. D'Staatsscholde si vun 2 Milliarden am Joer 2000 op 14 Milliarden am Joer 2018 eropgaangen.

DOFIR: Iwwer 1 Millioun Awunner am Joer 2045?

Da musse mir wuel alles verduebelen:

Wunnengen, Schoulen, Geschäfter, Akafszenteren, Kliniken, Waasserversuergung, Offall, Sportshalen, Fussballsterrainen, Stroossen, Schinnen, Kläranlagen, asw? Léierpersonal, Polizisten....?

Wéi steet et dann nach ëm déi sozial Cohesioun?
Ass net awer heiansdo manner méi? Manner Wuesstem, méi Liewensqualitéit?

Dofir: Bremsen vun Bevëlkerungsexplosioun an Massenimmigratioun, eist Land packt dat net!
Zënter dem Referendum 2015 setze mir eis fir d'Lëtzebuerger Sprooch an (a fir d'Méisproochegkeet) a fir e méi luesen a verstännege Wuesstem.

Read more … 27.4.2019 wéinst der Immigratioun bis zu 324.000 zousätzlech Wunnengen kréien???

19.4.2019: 19. Abrëll 2019 : Lëtzebuerg feiert 180 Joer

18 **Apr** *2019*

(comments: 0)

19. Abrëll 2019 : Lëtzebuerg feiert 180 Joer

Lëtzebuerg gëtt et natierlech scho méi laang, d'Stad Lëtzebuerg souguer schonn zënter dem Joer 963.

Den 19. Abrëll 1839, um Londoner Kongress krut Lëtzebuerg déi aktuell Grenzen.

Vun deem Dag un huet ganz Lëtzebuerg eng Sproch geschwat: Lëtzebuergesch. D'Lëtzebuerger Sprooch war dunn d'Sprooch déi all d'Lëtzebuerger zesummen verbënnt. An d'Lëtzebuerger Sprooch konnt dunn seng Roll spillen als Element vun der nationaler Eenheet

Lëtzebuerg ass 1839 an 2 gedeelt ginn:
- de frankophonen Deel ass un d'Belsch gaangen.
- de germanophonen Deel ass eist Land bliwwen.
- Dat germanophont Areler Land ronderem d'Stad Arel hunn se aus strategeschen Grënn der Belsch ginn.

Quellen:

Gilbert Trausch
Le Luxembourg à l'époque contemporaine.
Luxembourg 1981

Page 20, Les conséquences du partage (de 1839)

Le démembrement crée l'unité linguistique du nouveau Grand-Duché.
Ce parler deviendra le lien qui unit tous les Luxembourgeois,
(...) Désormais le luxembourgeois peut jouer son rôle de facteur d'unité nationale. Il est la langue que parlent et comprennent tous les Luxembourgeois.

An weider schreift den Gilbert Trausch an engem aneren Buch:

Au lendemain du traité de Londres (1839)qui enlève au Grand-Duché tout le quartier francophone et par là en fait un pays entièrement germanophone, les dirigeants prennent une décision historique en maintenant l'emploi du français tel

qu'il se pratiquait avant. Ce faisant, ils restent dans une tradition qui remonte jusqu'à la fin du Moyen Âge. Décision
historique par après-coup, mais à l'époque prise pour ainsi dire à la sauvette, à l'occasion du vote d'une loi sur
l'enseignement primaire (1843). Le français est inscrit comme discipline obligatoire dans l'enseignement primaire.
C'était imposer à une population germanophone une lourde charge.

Read more … 19.4.2019: 19. Abrëll 2019 : Lëtzebuerg feiert 180 Joer

5.4.2019 D^Lëtzebuerger wëllen e Lëtzebuergeschen Numm fir de neien Stadion. Merci!

08 **Apr** *2019*

(comments: 0)

D'L.Polfer schwätzt vun "stade national du Luxembourg"

"Nationalstadion" amplaz vun "Stade national" !
LËTZEBUERGESCH ASS OCH ENG SPROOCH!

D'DP entscheed sech géint eis Sprooch?
D'DP huet an de Walen gesot: "Zukunft op lëtzebuergesch"
Mä elo mécht d'DP et op franséisch!

Et gëtt kee Grond fir e franséischen Numm!

Wee2050: Säit dem Referendum 2015 setzen mir eis an fir d'Lëtzebuerger Sprooch a fir en méi luesen a verstännege Wuesstem. wee2050.lu

Read more … 5.4.2019 D^Lëtzebuerger wëllen e Lëtzebuergeschen Numm fir de neien Stadion. Merci!

29.3.2019 Den Tun Tonnar vum Staat ugeklot wéinst Beleidegeung

29 **Mar** *2019*

(comments: 0)

De Parquet huet den Tun Tonnar viru Geriicht geruff, ënnert anerem wéinst Beleidegung vum Wee2050-Grënner Fred Keup.

D'Vertriederin vum Parquet (Staatsanwalt) huet et richteg gesot:

" et kann een net Toleranz priedegen a bei sech selwer aner Moossstief usetzen"

a weider seet si, dass den Tun Tonnar, mat deser vulgärer Ausso, kloer d'Absicht hat, fir d'Leit ze denigréieren an net nëmmen fir seng Meenung ze soen. Et ass eng perséinlech Attack déi net erlabt ass!

https://www.rtl.lu/news/national/a/1326666.html

Read more … 29.3.2019 Den Tun Tonnar vum Staat ugeklot wéinst Beleidegeung